PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 DEC. 2019
1552

Lëtzebuerg, den 02/12/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Landesplanung & Mobilitéit weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 1303 schreiwen d'Ministeren, dass de Konzessionär vun der Tankstell op der A4 – beim Echangeur Steebrécken – gewiesselt huet. Wärend der Zäit vun den Aarbechten um Echangeur ass de Site vun der Tankstell gespaart. D'Ministere schreiwen, dass de Flux vu Clientë sech deementspriechend op aner Tankstellen op de lëtzebuergesche Grenze verréckelt huet. D'Bäibehale vun der Statioun um Echangeur Steebrécken gouf och am Regierungsaccord festgehalen.

An dem Kontext stellt sech d'Fro vun der Koherenz an der Kredibilitéit vun der Ëmweltpolitik vun der Regierung. Wëssend, dass den Tanktourismus grondsätzlech ee groussen Impakt op den ekologesche Foussofdrock vum Grand-Duché huet, kënnt d'Verlängerung vun der Konzessioun enger Ënnerstëtzung vum Tanktourismus gläich. Am Kader vun der aktueller Klimapolitik an der domat agoender Dekarboniséierung vum Transportsecteur stellt sech d'Fro vun der Noutwennegkeet den aktuellen Tankstellereseau bäizebehalen, voire auszebauen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Aus wéi engem Grond gouf d'Statioun zu Steebrécken, nodeem d'Konzessioun vu Shell ofgelaf war, net zougemaach?

2. Ass et aus Siicht vun der Regierung ëmweltbewosst, d'Unzuel un Tankstellen am Land z'erhalen?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Unzuel un Tankstellen zu Lëtzebuerg misst reduzéiert ginn?
   - falls jo, wéi vill Tankstelle solle bis 2023 verschwannen?
   - Falls, nee, wéi legitiméiert d'Regierung d'Kohärenz tëschent hirer Ëmweltpolitik, déi eng Dekarboniséierung zum Ziil huet, mat enger Erhalung, voire Erweiderung, vum Tankstelleréseauden säi Geschäftsmodell op Petrol baséiert?

4. Am Koalitiounsaccord (Säit 161) schreift d'Regierung iwwert Schnelluedestatiounen op den Autobunnen. Soll d'Tankstell um Echangeur Steebrécken och mat esou Anlagen equipéiert ginn a falls jo, wéi vill Luetstatioune sollen do opgestallt ginn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
15 JAN. 2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 82fxee201

Luxembourg, le 13 janvier 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 1552 du 2 décembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la nouvelle station-service à hauteur de Pontpierre sur l'autoroute A4

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003-20040525-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, vum Minister fir Landesplanung, Claude Turmes a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro N°1552 vum 2. Dezember 2019 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

D'Situatioun ass esou, dass den alen Emplacement vun der Autobunnstankstell am Kader vun den Aarbechten um Echangeur Steebrécken net konnt bäibehale ginn, weder wärend den Aarbechten, nach no den Aarbechten.

Wéi déi Aarbechten fir den Echangeur Steebrécken an der Planung waren, ass no engem Terrain gekuckt gi fir dass eng nei Tankstell kéint laanscht d'Autobunn opgeriicht ginn. Wann een d'Ausmoosse vun dem Emplacement gesäit, ass et kloer, dass ni ugeduecht wor eng Tankstell an der Gréisst wéi déi op den Transitautobunnen ze bauen, mee eng Tankstell fir deene Leit, déi iwwert d'Collectrice du Sud weiderfueren, respektiv d'Liaison Micheville huelen, et ze erlaben séier opzetanken.

D'Tankstellenetz op den Autobunnen ass esou bliwwe wéi et ëmmer war an d'Versuergung op der Escher Autobunn bleift garantéiert.

Ausser d'Autobunnstankstelle wou de Staat den Emplacement bestëmmt, well e Proprietär vum Terrain ass, huet d'Regierung keen direkten Afloss op d'Unzuel vun den Tankstellen am Land. Wann een eng Autorisatioun freet fir eng Tankstell opzemaachen, an alleguer d'Oplagen erfëllt sinn, kann een eng Tankstell bedreiwen.

D'Etüden iwwert d'Schnellluedstatioune sinn nach am Lafen.